

Grondzoustëmmung zu sou engem Projet, wéi deem heiten. Mir wëssen, datt mer an enger Phas momentan sinn, wou d'Bauzënsen nach ganz héich sinn. An dat féiert dann och derzou – obschonn hei ee sech dach awer nach zu räsonebale Präisser kann en Appartement oder eng Wunneng kafen –, datt net alles fortgaangen ass bis elo, well déi Prëten net allegueren autoriséiert goufe vun de Banken. Dat soll eis ze denke ginn.

Jo, am Regierungsprogramm stinn och Iwwerleeunge wéi de Mietkauf. Ech denken, do sollt mer e Modell entwéckelen, deen d'Strooss hält. Ob dat d'Äntwert ass fir dësse Projet oder fir déi Haiser, déi elo am Bau sinn, gleewen ech awer kaum.

Ech wëll awer och der ADR soen: D'Staatsgarantie hu mer schon. Déi brauche mer net nei ze erfannen. Dat gëtt et schon, och zanter enger ganzer Rei vu Joren. Ech denken, datt een elo kuerzfristeg nach eng Käier iwwert d'Krittäre sollt nodenken, wie bei der SNHBM ka kafen, fir ze kucken, datt dat, wat do an der Produktioun ass, dann och wierklech awer duerno ka bewunnt ginn. Well mir hätten zesummen iergendanzwousch eppes falsch gemaach, wa mer Haiser do stoen hätten, Appartementer do stoen hätten, déi eis aus iergendengem Grond net herno géife bewunnt ginn.

Jo, ech denken, datt mer sensibel sollte si fir den Hiweis, deen hei gemaach ginn ass, och vun der Säit vun deene Lénken, datt mer och méi Mietwunnenge brauchen. Ech wëll awer drop hiweisen, datt mer de Fonds du logement hunn, deen e grouse Schwéierpunkt dorobber leet, fir Mietwunnengen ze schafen, datt mer eng SNHBM hunn, déi éischter traditionell ëmmer d'Wunnenge verkaaft huet, awer den Terrain zanter enger ganzer Rei vu Joere jo och gehalen huet, soudatt déi Wunnengen ëmmer nees deem selwechten Zweck kënnen zougefouert ginn. D'SNHBM ka se zeréckkafen a weiderverkafen. An ech wëll awer och drun erënneren, dass d'SNHBM déi lescht Joeren och en Deel vun hirem Park opgemaach huet an hirer Produktioun opgemaach huet fir d'Locatioun, an datt dat awer och schon an déi dote Richtung geet.

An insgesamt musse mer ënnert dem Stréch, denken ech, herno jo och méi bauen, virun allem och fir méi abordable Mietwunnengen op eisem Marché ze hunn, fir engem groussen Zil, bei deem mer eis allegueren eens sinn heibannen, kënnen méi nozekommen: nämlech datt jiddereen zu respektabele Konditiounen hei am Land ka wunnen.

Fir dësen éischte Projet haut de Mëtte lo mol Är Zoustëmmung. An ech géif einfach soen: Bis gläich!

(Hilarité)

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Minister.

Domat ass d'Diskussioun dann elo ofgeschloss an, wéi üblech, machen ech Iech drop opmierksam, datt, éier mer lo zum Vott kommen, Der Iech wannechgelift sollt op Ärem Posten aloggen, fir datt Der kennt mat ofstëmmen. Soss gëtt dat näischt.

Mme Simone Beissel (DP) | Här President?

M. Claude Wiseler, Président | Madamm Beissel.

Mme Simone Beissel (DP) | Här President, Kolleginnen a Kollegen, ech wëll Iech just informéieren, dass ech weeder de Projet Elmen nach de Projet Izeger Stee matstëmme wäert duerch mäi Mandat am Conseil d'administration vun der SNHBM. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen der Madamm Beissel villmools Merci fir déi Prezisioun.

Da kënnen mer zur Ofstëmmung vun dem Projet de loi 8327 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8327².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8327 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt elo un. De Vote par procuration. An de Vott ass heimat ofgeschloss.

D'Resultat ass dat folgend: Jo-Stëmmen: 59, keng Nee-Stëmm, keng Enthaltung. De Projet de loi ass also mat 59 Jo-Stëmme géint keng Nee-Stëmm a keng Enthaltung ugeholl ginn, dat heescht, eestëmmeg ugeholl ginn.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 8327 est adopté par 59 voix pour et 1 abstention.

(Ndlr: Ce vote sera annulé et répété ultérieurement.)

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

7. 8328 – Projet de loi autorisant l'État à participer au financement du projet de logements abordables dénommé « Itzigerknupp » à Bonnevoie, Ville de Luxembourg

Mir kommen elo zum Projet de loi 8328 iwwert d'Belegeung vum Staat un der Finanzéierung vum Projet Izeger Knupp. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno folgendermoossen opgedeelt: D'Rapportrice huet 10 Minuten, jiddwer Fraktioun a jiddwer Sensibilitéit 5 Minuten an d'Regierung huet 10 Minuten. Et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Alex Donnersbach, d'Madamm Taina Bofferding, den Här Tom Weidig an den Här David Wagner. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Lydie Polfer. Madamm Polfer.

Rapport de la Commission du Logement et de l'Aménagement du territoire

Mme Lydie Polfer (DP), rapportrice | Merci, Här Président. Léif Kolleginnen a Kollegen, d'Finanzéierungsgesetz, iwwert dat mer also haut befannen, erlaabt dem Staat, mat 193 Milliounen um Finanzement vum Projet Izeger Knupp deelzehuelen. Hei sinn am Ganze 786 Logementer virgesinn, ongeféier also – wann ee mat eppes méi wéi zwee Leit rechent an engem Appartement – iwwer 2.000 Awunner, déi zu Bouneweg kënnen bäikommen.

An ech mengen, dat Gesetz hei, esou wéi dat virun, kennt zu engem Moment, wou mer et wierklech brauchen: duerch d'Kris am Wunnengsbau, awer virun allem och duerch d'Kris am Secteur vun der Konstruktioun.

D'Société nationale des habitations à bon marché ass de Bauhär fir en Deel vun dëse Loten, an zwar ganz genau fir 558 Wunnengen. Während deen aneren Deel – 228 – vu privaten Acteure realiséiert gëtt. Déi éischt Aarbechten hunn d'ailleurs elo am Oktober ugefaangen, mee et ass virgesinn, datt déi ganz Aarbechten eng zéng Joer wäerten daueren, bis also 2034/2035.

Beim Projet Izeger Knupp gouf ganz grouse Wäert op nohalteg Entwécklung geluecht. Et läit, wéi Der wësst, am Süde vum Bouneweger Quartier, direkt op der Limitt mat der Gemeng Hesper, an ass mat verschiddenen Arrëten un den öffentlichen Transport ugebonden. An nobäi sinn och déi Infrastrukturen, iwwert déi virun elo scho geschwat ginn ass, wéi

Schoul, wéi sportlech Infrastrukturen. An et si souguer nach zousätzlech sportlech Infrastrukturen niewendrun och geplangt.

Bei enger Wunndicht vu 60 Logementer pro Hektar sollen also 786 Logementer gebaut ginn, an zwar: 108 Eefamilljenhaiser an 32 Méifamilljenhaiser a Residenzen. An deene Méifamilljenhaiser wäerten am Ganze 678 Appartementer dra sinn. De Projet gesäit och eng Plaz vir, fir eng Schoul ze bauen. An deen Terrain kennt am Kader vun der Mise en oeuvre un d'Stad Lëtzebuerg.

D'SNHBM realiséiert am Ganze 74 Eefamilljenhaiser, déi fir de Verkaf zu erschwéngleche Präisser geduecht sinn. An zousätzlech realiséiert d'SNHBM 484 Wunnunitéiten an de Méifamilljenhaiser. Dovu sinn der 289 geduecht fir d'Locatioun zu erschwéngleche Präisser an 195 fir de Verkaf zu erschwéngleche Präisser. Déi verbleiwend 228, wéi scho gesot, Logementsunitéite gi vu privaten Acteure realiséiert.

D'urbanistescht Konzept vum Projet gesäit vir, dass d'Densitéit vun der Konstruktioun degressiv méi niddereg zu deenen net urbaniséierte Limitte vum Projet higeet. Et gëtt vermeit, dass ze vill massiv Konstruktiounen gebaut ginn op der Limitt tëschent dem Quartier an der Zone verte, an et gi ganz vill Schneise virgesinn, déi garantéieren, dass een d'Silhouette vun der Stad an d'Gréngfläche weider ka gesinn.

E wichtegen Aspekt vum Projet ass och déi duuss an aktiv Mobilitéit an d'Vernetzung mat deenen natierleche Liewensraim an der Émgéigend. Et sinn also Foussgängerweeër a Velosweeër duerch d'Lotissementer geplangt.

Verschiede Strukture vu Gréngflächen a Plantatiounen, ergänzt duerch e Reseau vu Foussgängerweeër, schafen eng Verbindung mat den existéierenden öffentlichen Gréngflächen. Op dës Manéier gëtt derfir gesuergt, datt eng harmonesch Transitioun zwëschen deem besteeënden an deem neie Quartier soll geschéien.

Wat elo d'ökologesch Konzeptioun ubelaangt, ginn all d'Gebaier am Respekt vum Regelement vum 9. Juni 2021 iwwert d'energetesch Performance vun de Gebaier gebaut. Et ginn Net-Zero-Energy-Gebaier gebaut, souwuel fir de funktionellen Deel wéi fir den Deel, wou d'Leit dra wunne wäerten. D'Installatioun vu Fotovoltaikpannoen ass och virgesinn.

Wat d'Gestioun vum Reewaasser ubelaangt, ass eng Trennung vum Ofwaasser an dem Reewaasser virgesinn. E Reenréckhaltebecken ass och am nördlechen Deel vum Site virgesinn.

Wat elo den Zäitplang vum Projet ubelaangt, soll, wéi scho gesot, d'Konstruktioun sech iwwer zéng Joer zéien. An dat wäert an dräi Phasen oflafen.

An där éischter Phas gëtt den nördlechen Deel, deen, deen un d'Rue Anatole France – fir déi, déi zu Bouneweg e bësse méi doheem sinn – ustéisst, gebaut. Dat ass d'Rue Lily Uden. D'Verbindung gëtt och nach zur Anatole France virgestallt duerch eng aner Strooss, an dat ass d'Rue Simone Veil.

Ech wëll also dorop hiweisen – an dat mécht hoffentlech Verschiddenen heibanne Freed –, datt mer fir dës ganze Quartier, fir déi sechs Stroossen, déi et gëtt, sechs Nimm vu Fraen erausgesicht hunn, déi fir Lëtzebuerg eng Bedeitung hunn; Lëtzebuerg an awer och international. Wéi gesot: Lily Uden, Simone Veil, Lise Rischard-Meyer, Helen Buchholtz, Marie-Paule Molitor-Peffer a Pearl Mesta.

Une voix | Très bien!

Mme Lydie Polfer (DP), rapportrice | Voilà! Erlaabt mer, dat mat menger Kap als Buergermeeschter ze soen.

Wéi gesot, déi zweet Phas, dat ass dann den ëstlechen Deel, deem ass zwëschen 2025 a 2026 virgesinn.

An déi drëtt Phas ass déi, déi am méi südlechen Deel ass.

Ee Wuert nach zu dem Käschtepunkt. Et sinn also 193 Milliounen virgesinn, an dat zum Indice semestriel des prix de la construction vum Mount Abrëll 2023. Dëse Montant wäert aus dem Fonds spécial de soutien au développement du logement kommen.

De Staatsrot hat a sengem Avis keng Opposition formelle virgeluecht an huet säin Accord zum Gesetz ginn. Weider Explikatiounen sinn och nach am schriftleche Rapport.

Erlaabt mer awer vläicht hei, e puer Wieder ze soen, well ech sinn dat e puermol gefrot ginn, firwat datt dat zéng Joer dauert, vun deem Moment un, wou mer de PAP am Gemengerot ugeholl hunn, iert d'Aarbechte konnten ugoen. Et gëtt der eng Rei. Mir hunn dee PAP ugeholl – also d'Stad Lëtzebuerg huet en ugeholl – den 28. Januar 2013 an engem Moment, wou den Här Bausch nach am Schännerot war. E gudde Projet also.

M. François Bausch (déi gréng) | 2013 war ech awer net méi am Schännerot.

(Hilarité)

Ausser et war Ufank Februar.

Mme Lydie Polfer (DP), rapportrice | Et war den 28. Januar.

M. François Bausch (déi gréng) | Du war ech nach do.

Mme Lydie Polfer (DP), rapportrice | Ech hat gutt gekuckt.

(Hilarité)

Mir kruten do och ...

Nee, ech wollt Iech berouegen, datt et e gudden urbanistesche Projet ass.

M. François Bausch (déi gréng) | Ech hunn net gesot, et wär keen.

(Hilarité)

Mme Lydie Polfer (DP), rapportrice | Mir kruten dunn och d'Autorisatioun am Abrëll 2013. Dann ass och den Accord vun der Administration de la gestion de l'eau gefrot ginn. Deen ass den 8. Dezember 2015 gefrot ginn. Dee krute mer och dat Joer drop. Mir schreiwen also elo schon 2016. D'2020 vun der ANF, do ass dann eng MOPO (ndlr: modification ponctuelle) gemaach ginn. An dunn hu mer festgestallt, datt eng Haselmaus do ass. Do hu mer fir déi missen en neit Heem sichen. Dat hu mer och gemaach. Dat ass och 2021 geschitt.

D'Ponts et chaussées hunn hir Autorisatioun de 16. August 2022 ginn.

An dunn ufangs vun dësem Joer waren awer och nach Sondag vum eisem Service archéologique. Déi waren awer relativ schnell gemaach.

(Interruption)

Dee gréisste Problem awer bei deem Ganzen – dat muss ech awer soen –, dat war de Remembrement.

(Interruption)

Jo, majo, ech kommen dozou. Dofir halen ech mer dat Besch zu Schluss.

(Hilarité)

Dee gréisste Problem war de Remembrement, well eeben hei ganz vill eenzel Propriétaire waren. An ech ka mech dofir nëmme freeën an dem Här Minister et

mat op de Wee ginn, well ... Ech mengen, hei huet dee viregte Logementsminister scho gutt Preparative gemaach, fir de Remembrement ministériel kënnen ze maachen. Dat hätt ons an dësem Fall d'Saach wierklech vereinfacht, mee méi schnell gemaach. An dat hu mer eis jo virgeholl, fir dat och nach op anere Plazen ze maachen.

Datt alles gesot, kann ech Iech nëmme recommandéieren, dee Projet – wat e gudden a flotte Projet ass, een, dee mer brauchen – ze stëmmen. Ech ginn heimat och den Accord vun der Demokratescher Partei. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen der Madamm Rapportrice villmools Merci fir hire schriftlechen a fir hire mündleche Rapport.

Als éischte Riedner ass elo den honorabelen Här Alex Donnersbach agedroen. Här Donnersbach.

Discussion générale

M. Alex Donnersbach (CSV) | Här President, am Numm vun der CSV wëll ech och ganz gär den Accord fir dëse groussen a wichtege Logementsprojet ginn op der Izeger Knupp, wou, wéi elo grad gesot ginn ass, 786 Wunnengen fir 2.000 Leit iwwert déi nächst zéng Joer wäerten entstoen.

Datt si Wunnengen, déi dréngend gebraucht ginn, souwuel fir de Bausektor wéi och fir d'Leit dobaussen. Laut Eurobarometer, deem d'EU-Kommissioun elo viru Kuerzem virgestallt huet, ass fir 53 % vun de Leit hei zu Lëtzebuerg de Logement nach ëmmer dee gréisste Problem. Et kann also och net bei deenen zwee Projeten hei bleiwen, mee wa mer wëllen, datt d'Offer hei zu Lëtzebuerg substanzuell an d'Luucht geet, da mussen nach weider Projete kommen.

D'Madamm Polfer als Reporterin huet Iech all d'Detailer ginn an ass och bëssen op dee Punkt agaan, op deen ech elo wollt agoen. Et ass e bëssen den Historique vun deem Projet. Den Historique ass interessant, well en Rei Problemer weist, déi net nëmmen eis ëffentlech Promoteuren, mee och privat Promoteure reegelméisseg begéinen an un deenen et gëllt ze schaffen.

Et ass e Projet, deen, wann ee mat den Acteure schwätzt, schon an den 80er, 90er diskutéiert ginn ass. An de groussen Problem war de Problem mat den Terrainen. Den Direkter vun der SNHBM ... Wéi de Projet 2006 erakomm ass, dunn huet et geheescht: „Dat ass e Projet, do geet et elo gläich lass.“

Bon, et ass net direkt lassgaangen. 2013 ass jo emol de PAP gestëmmt ginn, wéi elo och gesot gouf. Mee de Problem vun de Verhältnissen vun der Propriétéit war nach ëmmer net geléist. De Remembrement huet sech higezunn an et huet Jore gedauert, bis dat endlech komm ass. Dowéinst och d'Wichtigkeet vum Remembrement ministériel, datt deen endlech kënnt. Ech mengen, dat ass eppes, wat villen hei bewosst ass. An dee muss och elo absolutt kommen, fir datt all déi Projete kënnen méi séier weidergoen!

Da gëtt et natierlech och prozedural Problemer. Et si wuelverstan mënschlech Problemer bei all Logementsproblem, mee et gëtt och Prozedurproblemer – an och am Naturschutz. An hei ass e gutt Beispill, wéi eng kleng Haselmaus, déi entdeckt ginn ass, e Projet e puer Joer no hanner geschloen huet, bis dann endlech d'Stad Lëtzebuerg, wéi mer an der Kommissioun erkläert kruten, en Terrain fonnt huet, deen a Proximitéit war. Well déi konnt net iergendwou ëmgeplant ginn, mee déi huet missen innerhalb vun engem ganz klengen Ëmkrees ronderëm deen hei Projet ëmgeplant ginn.

(Interruption)

Grad bei esou Reegelunge mussen mer an Zukunft anescht denken.

Une voix | Très bien!

M. Alex Donnersbach (CSV) | D'SNHBM hat d'Ge-fill, wann eng Hürd ëmgeluecht gouf, ass déi nächst erausgesprongen. Als Anekdot: De Geomeeter, deen an dësem Projet ugefaangen huet, hat 30 Joer, wéi en ugefaangen huet, déi éischt Moossungen ze maachen. Hien ass elo an d'Pensioun. De Projet ass nach net gebaut.

Et ass dowéinst gutt, datt dës Regierung ugekënnegt huet, all déi Saachen do eng Grëtz ze acceleréieren an ze kucken, datt mer do méi séier weiderkommen. Well nëmmen esou komme mer och eisem Zil méi no, méi Wunnengen hei zu Lëtzebuerg ze bauen, wa mer wëllen, datt mer der Demande gerecht ginn.

Nëmme mat méi Projeten, déi méi séier ginn, kënnen mer also de Logementsprojet ugoen. An dowéinst hoffen ech, datt mer dat an der Zukunft och wäerte maachen. Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen dem Här Donnersbach Merci. An déi nächst ageschriwwen Riednerin ass d'Madamm Taina Bofferding.

Mme Taina Bofferding (LSAP) | Merci, Här President. Ech ginn heimat dann den Accord vun der sozialistescher Fraktioun.

Meng zwee Virriedner hu grad vum Remembrement ministériel geschwat. Ech gesinn dat genauso. Et ass ganz wichteg. A genau aus dësem Grond hunn ech dat jo och selwer an de Projet de loi erabruucht.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Bofferding. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Tom Weidig. Här Weidig.

M. Tom Weidig (ADR) | Merci, Här President. Léif Kollegen Deputéiert, als Stater Gemengerot begrëssen ech och dëse Logementsprojet op der Izeger Knupp, fir datt méi Leit et sech leeschte kënnen, an der Stad, an hirer Stad, wunnen ze bleiwen.

Mee datt mir iwwerhaupt esou e Projet brauchen, ass ee vun den negative Symptomen vum onkontrolléierte Wuesstum an enger Laisser-faire-Politik iwwert déi lescht 20 Joer vun de Gambia-Parteien DP, déi gréng, LSAP, an elo och nees vun der CSV.

Une voix | Très bien!

M. Tom Weidig (ADR) | Dësen Turbowuesstum huet Wuelstand bruecht, mee elo fänke mir un, fir de Wuesstum deier ze bezuelen. Oder op d'mannst déi, déi net esou vill Suen hunn, müssen deier derfir bezuelen. Dat si virun allem Leit, déi all Dag schaffen a produktiv an eiser Ekonomie deelhuelen, mee eeben net eng esou gutt Pai hunn – de Mindestloun oder e bësse méi –, mee awer och keng Sozialwunnengen kréien.

Während dem Gemengewalkamp sinn ëmmer nees Bierger bei eis komm, Stater, déi hei gebuer sinn, hei an d'Schoul gaange sinn an hei gelieft hunn, mee elo net méi an hirer Stad wunnen kënnen.

80 % vun de Salariéer vun der Gemeng wunnen och net méi an hirer Gemeng. Si gi vun den héije Wunnengspräisser ekonomesch verdrängt. Dat ass net nëmme perséinlech, mee och kulturell eng Katastroph, well doduerch vill vum Stater aktive Clublieden an der Identitéit verschwonne ass a fir ëmmer verschwonne wäert. D'Stad huet e schéine Patrimoine, mee ouni

d'Awunner mat hirer Sprooch an Tradition gi mir eng Aart Disneyland oder griicheschen Tempel ouni Griichen.

Dofir begrësse mir dës Initiativ.

(Interruptions)

Si ass zéng Joer ze spéit. Mee besser elo wéi ni. Mir brauchen nees eng Stad, mee och e Land, wou déi Lëtzeburger schaffend Mëttelschicht lieue kann oder nees zréck am Land wunne kann.

An nach e wichtege Punkt: All dës gutt Moosname fir méi bezuelbare Wunnraum bréngen näischt, wann déi Massenimmigratioun iwwert déi lescht 20 Joer weidergeet. Mir als ADR si fir qualitative Wuesstum.

Firwat wëllt Der nach méi Awunner an domat nach méi héich Wunnungspräisser? Dir kënnt net de Problem vum Wuesstum mat nach méi Wuesstum léisen. Dobäi ass awer grad de Wuesstum de Problem. Et kann een net de Problem mam Problem léisen, wat d'Regierungen an d'Gemengen déi lescht 30 Joer probéiert hunn – mam Resultat, datt de Problem net méi kleng ginn ass, mee en nach ëmmer méi grouss gëtt.

Mir verstinn net, firwat datt dës Schinn weider gefuer soll ginn an net gesot gëtt: „De Buttek ass zou, a mir mussen elo mol déi nei Awunner integréieren a méi bezuelbare Wunnraum schafen!“

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

(Interruptions)

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen dem Här Weidig Merci. An deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här François Bausch.

M. François Bausch (déi gréng) | Merci, Här President. Ech wëll weeder op eng Wuesstumsdebat agoen nach op d'Logementsdebat. Do kréie mer nach genuch Geleeënheet, mam zoustännegen Minister, mat der Regierung driwwer ze diskutéieren an ze streiden. An ech wëll mech duerfir reduzéieren op deen ee Projet hei. Ech mengen, et ass alles gesot ginn.

Ech wëll dem Rapporteur Merci soe fir de Rapport. An ech wëll och soen: Ech si frou, datt ... Virdrun hat ech méi den Accent geluecht op dat, wou ech mengen, dass ëmmer de Gros vun de Problemer sinn, wann et ëm Logementsprojete geet. Dat ass d'Angscht virun der Mobilitéit a virun der Verkéiersbeweegungen. D'Madam Polfer huet et hei richteg ënnerstrach: Hei ass et de Remembrement, also den Accès zum Terrain, deen de Problem ass. An dat sinn och zwee vun den, menger Meenung no, Grondproblemer zu Lëtzebuerg, wann et drëms geet, de Logementsproblem ze léisen, wou mer och ëmmer erëm Diskussioune kréien.

Fir de Rescht soen ech hei och mengem Kolleeg Henri Kox Merci fir säin Engagement an dem Claude Meisch, well en de Projet esou séier an d'Chamber bruecht huet.

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen dem Här Bausch villmools Merci. Vu datt den Här Goergen schonn den Accord ginn hat, ass elo deen nächsten ageschriwwene Riedner den honorabelen Här David Wagner. Här Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Mir ginn dësem Projet de loi och eisen Accord. Et ass och gutt, datt dee Projet och endlech an der Haaptstad weiderhin nach realiséiert gëtt. Bis repetita: Et wier natierlech besser gewiescht, wann ee méi Locatioun hätt wéi Vente – well do hu mer erëm eng Kéier dee selwechte Problem wéi beim viregte Projet, mee trotzdem ass e begrëssenswäert.

Mir bräichte méi Locatioun, well mir brauchen och a grad an der Haaptstad ... Grad an der Stad, déi am deiersten ass am Land musse mer och kënnen deene Leit, déi manner Revenuen hunn, d'Méiglechkeet ginn ze wunnen, wéi dat och iwwer Joerzénge de Fall war a wéi meng Elteren a meng Grousselteren haaptsächlech sech dat konnte leeschten an dëser Stad. Dat war guer kee Problem. Och wann een en Aarbechter war an net vill Revenuen hat.

Hautzudaags ass dat e bësse méi schwéier. Dat huet näischt mam Wuesstum ze dinn, an anere Wieder mat den Auslänner, well ... Ech iwwersetzen d'ADR-Sprooch e bëssen.

(Hilarité)

Et huet näischt domadder ze dinn.

Et huet domadder ze dinn, datt d'Promoteuren an deene leschte Joerzénge konnte maachen, wat se wollten – eng Saach, déi d'ADR och ëmmer weiderhin ënnerstëtzt –, an datt d'Propriétéit sech konzentréiert an e puer Hänn. An dat ass de Problem, dee mer hei hunn.

Dofir brauche mer méi ëffentlech Wunnengen. Mir brauchen och méi strikt Reegelen, wat d'Loyeren ugeet an esou weider. An da wäerte mer dat scho packen an der Stad. An der Stad si mer gewinnt, relativ kosmopolit ze liewen. Dat mécht eis e bëssen aus. Dat soen ech als Stackstater. Mir si relativ stolz drop.

Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner.

Dann ass et elo un der Regierung. Den Här Logementsminister huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Meisch, Ministre du Logement et de l'Aménagement du territoire | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, hei och merci der Rapportrice, der Députée-maire, fir déi interessant Explikatiounen an den Historique vun deem ganzen Dossier. Den Historique, nach eng Kéier, deen hei och erëm gewisen huet, wéi vill Etappen noutwendeg waren, an och heiansdo wéi vill Kollege vun eis heibannen op ënnerschiddleche Plazen dann derzou bäigedroen hunn, datt déi doten Dossier weidergaange sinn. An och hei ass et d'Remark, datt et natierlech nach eng Zäitchen dauert, bis gebaut ass. Awer merci fir déi breet Zoustëmmung.

Ech stellen och fest de Mëtteg an där kuerzer Debat, déi mer hei iwwert de Logement haten – mir wäerte sécherlech d'Geleeëngeet kréien, eis nach méi ausgiebig mat deem Sujet ze befaassen –, datt et awer eng Rei vu Mesüre gëtt, déi méi e breede Konsens och maachen: hei de Remembrement ministériel. Also alles dat, wat mer zesumme kënnen maachen, fir datt Projete wéi deen dote méi schnell zum Zil kommen, datt se gutt ginn, mee datt mer se awer och an d'Realisierung erakréien, datt mer d'Rechter vu jidderengem hei – och vun ënnerschiddleche Propriétaires – kënnen garantéieren. Dat ass jo och d'Iddi vum Remembrement ministériel. Mee awer och vun deenen, déi eppes wëlle maachen, déi eppes wëlle weiderdreien, déi hir Terraine wëllen enger Bebauung zouféieren, datt och déi hir Rechter kënnen exekutieren.

An da gläichzäiteg och nach d'Recht vun där ëmmer méi prominenter Hieselmaus, ...

(Hilarité)

... déi de Mëtteg och nach eng Kéier zitiiert ginn ass. Datt dat natierlech och en Aspekt ass vun deene dote Prozesser a Prozeduren, dat ass eis alleguerter bewusst.

Dofir merci fir déi schnell Zoustëmmung, och déi schnell Aarbecht hei an der Chamber. Soudatt dat heiten ee vun deene leschte Projete war, deen duerch de Regierungsrot vun der leschter Regierung gaangen ass, an ee vun deenen éischte Projeten ass, dee vun där neier Chamber kann ugeholl ginn. Dat weist nach eng Kéier de gemeinsamen Interêt um Sujet Logement.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen der Regierung Merci. Domat ass d'Diskussiou iwwert dëse Projet elo ofgeschloss.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8328. Den Text steet am Document parlementaire 8328².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8328 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt elo un. Mir kommen elo zum Vote par procuration. Domat ass de Vott ofgeschloss.

D'Resultat ass dat follgend: Jo-Stëmmen: 59, Nee-Stëmmen: keng, an Abstentiuon: keng. Domat ass de Projet de loi eestëmmege ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Max Hengel), Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Diane Adehm) et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closer, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

8. 8327 – Projet de loi modifiant la loi du 25 novembre 2020 autorisant l'État à participer au financement du projet de logements subventionnés dénommé Elmen (suite)

Ech kommen zréck op dee Projet de loi vu virdrun, den 8327. Deen hu mer esou schnell ofgestëmmt, ...

(Interruption)

... datt d'Madam Beissel, nodeem datt se hire Conflit d'intérêts hei en bonne et due forme a korrekt ugemellt hat, keng Zäit hat fir erauszegoen, wat awer no eiselem Reglement misst als Abstentiuon agedroe ginn. Dofir géif ech einfach proposéieren, datt mer dee Vott hei widderhuelen. Da si mer korrekt an der ganzer Prozedur.